N°986
Entrée le 07.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°986 vum 10 Juli 2024 vum honorabelen Députéierten Meris Sehovic zum Sujet "Verlängerung vun de Grenzkontrollen zum Saarland"

Fro 1 : Wéi gedenkt den Här Minister sech géint eng eventuell Verlängerung vun de Grenzkontrollen anzesetzen?

Säit der Aféierung vun den temporäre Bannegrenzkontrollen am Kontext vun der UEFA EURO 2024 a wéi schonn an den Äntwerten op déi parlamentaresch Froe N°567, N°792 a N°889 erkläert ginn ass, hunn ech reegelméisseg um Niveau vun der Bundesinneministerin an dem Staatssekretär fir oppe Grenze plaidéiert.

Am spezifesche Kader vun der Verlängerung vun de Grenzkontrollen am Saarland ass mäi Ministère net mat enger offizieller Notifikatioun saiséiert ginn.

D'Lëtzebuerger Regierung huet sech an der Vergaangenheet, a wäert sech och an Zukunft, fir oppe Grenzen asetzen.

Lëtzebuerg, den 7. August 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN